Schlusswuert AGO 2024 vun der Presidentin Marlène NEGRINI

Léif alleguer,

Et lount sech ze kämpfen an sech a sech fir d'Leit an ze setzen an si ze ënnerstëtzen, wat mir och weiderhi maache wäerten, mat alle Mëttelen, déi mir zur Verfügung hunn.

Ech zitéieren eise fréiere President, de Pascal: « dans la course à la qualité il n'y a pas de ligne d'arrivée ».

Eis Hoffnung, datt mir irgendwann déi Transparenz an deen Dialog mat eise Cheffen hunn, déi mir eis scho säit Joren wënschen an och fuerderen, schéngt sech ze erfëllen. Schonn 1 Woch no der Remise de commandement sinn d'Personalvertriedungen an eng Entrevue mat eisem neien Direkter a sengem Comité de direction invitéiert ginn. Eng reegelméisseg Reunioun fënnt monatlech statt, fir Informatiounen an News auszetauschen. Spezifesch Problemer gi mat de concernéierten Zentraldirekteren diskutéiert.

Och mam Minister Gloden ass d'Kommunikatioun eng aner, wéi mir dat an de leschte Jore gewinnt waren.

Mir begréissen dës Initiative, fir ee faire Mateneen an e respektvollen a konstruktiven Dialog, an den SNPGL ass weiderhi bereet fir konstruktiv Zesummenaarbecht mat eiser Direktioun, souwéi mat eisem Ministère, déi sech bis elo gutt annoncéiert huet

E puer Mercie wëll ech nach lass ginn.

Eng mega Iddi haten 2 Memberen, déi an d'Pensioun gaang sinn, keen Abschieskado wollten, an fir de FDS gesammelt hunn. Merci villmools Maurice an Heng.

Merci och deene Memberen, déi all Mount un de FDS denken.

Zum Schluss dann nach ee Merci un d'Confrérie de la Poissonnerie fir hiren ausseruerdentlech generéise Gest.

Wale fir an de Comité stinn och Ufanks 2025 och um Programm an motivéiert Kämpfer sinn an eiser Equipe ëmmer wëllkomm.

Merci fir Är Presenz den Owend an Är Opmierksamkeet. Ech wënschen Iech all nach e flotte Recht vum Owend bei engem Patt an engem klenge Maufel.